Rotary Club de Diekirch-Ettelbruck

SOS KANNERDUERF LËTZEBUERG
Depuis 1968
Sous le Haut Patronage de S.A.R. la Grande-Duchesse



# Ouschtereeër-Aktioun 2025

Nom grousse Succès vun de leschte Joren an Dank Ärer generéiser Participatioun, lancéiert de **Rotary Dikkrech-Ettelbréck** och 2025 eng **Ouschtereeër-Aktioun**, zesumme mat dem **SOS Kannerduerf** an der **Maison Oberweis** fir de gudden Zweck.

Dëst Joer ënnerstëtze mir de Projet **KreativSummer@KD.**

## Waat ass t'Zielgrupp?

De Projet KreativSummer@KD gëtt Kanner vu **5-18 Joer** d'Méiglechkeet hir Kreativitéit z'entdecken an auszeliewen. De Fokus läit hei op der Philosophie vum Projet: **Déi individuell ästhetesch Prozesser vun all Kand a Jonke stinn am Mëttelpunkt.**

Et geet drëms, de Kanner a Jugendlechen d'Konscht méi no ze bréngen. Dëst huet positiv Auswierkungen op d'Entwécklung vun hire kognitiven, sozialen a motoresche Fäegkeeten. Sie kommen a Kontakt mat hiren Emotiounen, hirer Kreativitéit an hire Ressourcen, waat hinnen erméiglecht hir Kompetenzen an Talenter z'entdecken.

## Wéi léft de Projet oof ?



D'Participant'en huelen un enger Réi **Workshops** deel an hunn d'Geleeënheet mat **verschidde Materialien z'experimentéieren an esou hiert ganzt perséinlecht Konschtwierk ze erschafen**. Als Ofschloss gëtt eng **Ausstellung organiséiert** mat all den entstaane Konschtwierker.

## Pedagogesch Objektiver


- Fërderung vu Gemeinschaft an Zesummenhalt
- Kreativ Entwécklung
- Verantwortung a Stolz
- Léiere vu Moltechniken
- Entdecke vu Konscht als Fräizäitaktivitéit
- Plattform fir den Austausch tëschent de Jonken

Rotary
Club de Diekirch-Ettelbruck

SOS KANNERDUERF LËTZEBUERG
Depuis 1968
Sous le Haut Patronage de S.A.R. la Grande-Duchesse

**Ennerstëtzung vum Rotary**

Den Erléis vum Verkaaf vun den Ouschtereeër gëtt genotzt fir d'Material ze kaafen dat fir de Projet KreativSommer@KD néideg ass.



- Leinwänn
- Giessbeton
- Toun
- Glasuren
- Silikon
- Mosaiksteng
- Zeechebléck
- Skizzenroullen
- Droot
- Alleskleber
- Graffit Spray
- Markersets
- Stoffmoolfaarwen

# Wéi kënnt Dir matmaachen?

**Duerch eng Commande** vun engem **Schockelas-Ouschteree** vun der Maison Oberweis, **bis den 6. Abrëll – 23h00** iwwert de Polaris (fir Rotarier) oder per Mail un de Mathias Münster : ***mmunster@pt.lu*** drot Dir dozou bäi, dass de Netto-Gewënn zu Gonschte vum Projet **KreativSummer@KD** agesat gëtt.

**De Präis vun engem Ee ass € 50,- z'iwwerweise w.e.g. op de Rotary-Kont BIL LU89 0027 1153 5520 0000.**
D'Schockelas-Ouschtereeër kënne Freides, den 11. Abrëll 2025 tëscht 12h-14h am **SOS Kannerduerf** zu Miersch ofgeholl ginn :
**10, rue Hermann Gmeiner, L-7534 Mersch**




€ 50,00

Déi Jonk freeën sech op e **kreativen a flotte Summer,** den **Dank Ärer Ënnerstëtzung** méiglech ass.